



Beispill sinn do 2018 132.201 Euro bezuelt ginn. Dat huet elo näischt mat dësem Projet ze dinn. Mä och déi Sue muss een, mengen ech, awer hei mat erarechnen. A fir de Gas 26.662 Euro. A fir de Masutt 16.536 Euro. Dat heescht, och do sprangen natierlech d'Office-socialen an.

Mä et geet jo net nëmmen drëms, fir anze-sprangen a fir ze kucken, wéi ee punktuell kann hëllefen, mä wa mer deen heite Projet kucken, da geet et drëms, wéi ee laangfristeg kann hëllefen, wéi ee kann hëllefen, fir dass se manner ausginn. An ech mengen, mir soen onse Kanner alleguerten: „Maach d'Luuchten aus, wann s de net méi am Raum bass!“ Mir probéiere jo och selwer alleguerten, de Krunn ganz zouzedréinen am Alldag. An hei, wann een dann natierlech e Krunn huet, dee Wäschmaschinn heescht, deen extrem vill verbraucht, oder en Tifküler oder e Frigo, jo, da muss een deen och zoudréinen an dann en Apparat eben dohinnersetzen, dee vill, vill manner verbraucht, fir dass och d'Käschten dee Moment kënne maîtriséiert ginn.

Ech hu mer natierlech erlaabt, e bësselchen doruechter nozefroe bei den Office-socialen. Ech hunn lech och zwee Beispiller matbruecht: Zum Beispill e Jonggesell, also e Mann, dee gescheet ginn ass, e Kand huet, wat bei der Mamm wunnt a wat awer regelméisseg bei dem Papp laanschkënn. Deen Här, deen hat eng Wäschmaschinn, déi zéng Joer al war. Déi huet ugefaange mat dämpfen. Wa se net ersat gi wier, dann hätt natierlech de Risiko vun engem Feier bestanen. Den Här, deen huet e Revenu vun 1.860 Euro. Dat ass e Salaire mat engem Complement. An nodeems en dann d'Rechnunge bezuelt huet, de Loyer, e Prêt, Téléphone, d'Pension alimentaire an esou weider, bleiwen effektiv nach ganz, ganz weineg Suen, fir ze liewen. An do huet eben deen zoustännegen Office social déi Persoun bei „myenergy“ dee Moment gemellt, déi kucke gaange sinn. An den Här, dee krut dunn d'Méiglechkeet, d'Wäschmaschinn direkt ze ersetzen, wou e groussen Deel vum Präis iwwert den MDDI dee Moment bezuelt ginn ass.

En anert Beispill ass: Eng Famill mat sechs Kanner, déi hu viru Kuerzem eng Wäschmaschinn an en Tifküler avancéiert kritt fir am Ganzen 1.590,60 Euro. Dovunner huet de Ministère 1.182,76 Euro bäigesteiert.

Oder en Här, deen an enger Invalidérent ass an e Complement RPGH huet, deen hat eng Wäschmaschinn, Energieklass A+++ vu 549 Euro kaf. De Ministère huet dee Moment 411,75 Euro bäigeluucht. Dat si 75 %. An d'Gemeng, Dikrech war dat an dësem Fall, huet och nach 100 Euro bäigesteiert, soudass den Här just nach 37,25 Euro huet misse selwer bezuele fir d'Maschinn.

A firwat soen ech dat? Mä och, fir heivunner ze profitéieren, fir Reklamm ze maachen a fir ze soen, wéi dat dann um Terrain leeft. An d'Office-socialle soen, si géife ganz gären op „myenergy“ zrëckgräifen, wann et néideg ass, hire Service wier ganz disponibel. D'Mataarbechter wieren immens fein. An dofir profitéieren ech och heivunner, fir et nach eng Kéier hei ze soen.

Mä ech mengen, souwuel de Claude Turmes wéi och ech sinn der Meenung, dass mer nach eng Kéier ons Käpp mussen zesummestrecken, zesumme mat den Office-socialen a mat „myenergy“, fir ze kucken, wéi mer d'Reklamm méi grouss kënne maachen, wéi mer de Leit besser kennen hëllefen a virun allem och de Locataire besser kennen hëllefen, well mer awer feststellen, dass et an de meeschte Fäll Locataire sinn an dass mer effektiv leider net ee Fall vu Propriétaire haten, wou mer hätte kennen hëllefen, en Haus besser ze isoléieren oder eng nei Heizung ze kafen.

An da géif ech dem Claude Turmes awer och nach d'Wuert ginn. Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools der Familljeministesch. An den Energie-minister Claude Turmes ass ennerwee. Här Turmes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie*.- Léif Kolleegen, ech soen och dem Georges Engel Merci fir déi wichteg Fro. Ech mengen, d'Madamm Cahen, d'Corinne huet elo am Detail erkläert: De System funktionéiert gutt, mä e gëtt am Moment net genuch genotzt. Et muss een och wëssen, dass mer nieft der Geschicht vun der Allocation de vie chère, wou jo bal 20.000 Leit dovunner profitéieren, hei zu Lëtzebuerg och europawäit eent vun de beschte Gesetzter hunn: dass de net kanns de Stroum oder de Gas ofgeschalt kréien.

(Brouhaha)

Ech wollt nach eng Kéier soen, wann s de och nolauschters, dass mer hei zu Lëtzebuerg nieft deene Mesuren, déi mer elo schonn erwänt hunn, och mat déi bescht Gesetzter hunn: dass de net vum Stroum a vum Gas ofgeschalt gëss.

An eise System ass souguer esou gutt, dass eng Dispositioun, déi mer am Gesetz hunn, net genotzt gëtt. Wat ass déi Dispositioun? Déi Dispositioun ass: Wann een Office social géif mieren, dass elo ee Bierger géif e puermol an déi Situatioun kommen, dass e seng Rechnung net kéint bezuelen, da gëtt et nom Gesetz d'Méiglechkeet, dass de kéints e Prepaid-System kréien. Dat heescht, dass de ëmmer géifs bezuelen, ier s de da Stroum oder Gas kriss.

Mir hu säit Jore keen eenzege Fall, wou en Office social huet missen dorobber zrëckgräifen. An eigentlech ass dat, mengen ech, de Beweis och, dass eise System, wou mer fir d'Eischt e Filet hu géint d'allgemeng Aarmut, wou mer d'Allocation de vie chère hunn, déi vu bal 20.000 Leit genotzt gëtt, wou mer e System hunn, wann een dann trotzdeem eng Kéier net bezuele kann, dass dann den Office social aspréngt, dass dee System ganz performant ass.

Do wou mer dann nach musse besser ginn, dat ass, dass mer de Leit nach besser hëllefen, fir en oneffiziente Frigo duerch e besseren ze ersetzen.

An da gëtt et nach eng Problematik, déi mer probéieren och am Kader vum neie Klima- an Energieplang unzegoen: Dat ass, allgemeng de Leit ze hëllefe bei der Renovéierung. Ech mengen, do hu mer jo och an eise Regierungsprogramm nach eng Kéier stoen, dass mer probéieren, op 3 % TVA erfrozegeen. An do brauche mer natierlech e spezifischen Angle d'attaque och fir déi Leit, déi manner Moyenen hunn, ob se da Propriétaire sinn oder a Locatioun sinn.

Dat Ganzt huet och mëttlerweil eng europäesch Dimensioun. A vu dass déi vun deem méi schwaarze Bord haut net bei eis sinn, wëll ech awer nach eng Kéier och drun erënneren, dass eis Regierung, déi jo Blo-Rout-Gréng ass, 2017, 2018 matgekämpft huet zu Bréissel, fir dass d'Energieaarmut an der europäescher Politik verankert gëtt. A si ass ennerstëtzt ginn am Europaparlament vun deene Liberalen, vun de Gréngen a vun de Sozialisten. An doduerch hu mer et fäerdegbruecht, dass elo a ganz Europa all Land muss eng seriö Politik maache vun der Précarité énergétique. An dat hu mer duerchgesat deelweis géint déi, déi et net fir néideg fannen haut, bei eis an der Chamber des wichtig Debatt matzemaachen.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président*.- Merci villmools, Här Turmes. Dës Debatt ass domadder ofgeschloss.

Le saviez-VOUS ?

PÉTITION ORDINAIRE

La pétition est une demande d'un particulier ou d'un groupe de particuliers à la Chambre des Députés en vue de provoquer une décision à leur avantage ou en faveur de la cause qu'ils défendent. Les pétitions sont adressées au Président de la Chambre qui les renvoie soit à la Commission des Pétitions, soit aux commissions saisies d'un projet ou d'une proposition de loi à laquelle la pétition se rapporte, ou en décide le dépôt sur le bureau de la Chambre. La Commission des Pétitions décide, suivant le cas, soit de les renvoyer à un ministre ou à une autre commission de la Chambre, soit de les déposer sur le bureau de la Chambre, soit de les classer purement et simplement.

PÉTITION PUBLIQUE

La pétition publique ne peut être introduite et signée que par le formulaire spécial disponible sur le site Internet de la Chambre des Députés ou par un formulaire sur papier mis à disposition par les services de la Chambre. Elle doit être d'intérêt général et d'intérêt national et respecter les principes d'éthique. Un sujet similaire à celui d'une pétition précédente ne peut être introduit qu'après un délai d'une année.

Pour introduire et aussi pour signer une pétition publique, il faut être âgé d'au moins 15 ans et être inscrit dans le registre national des personnes physiques, disposer donc d'un numéro de matricule. La Commission des Pétitions examine la pétition et émet un avis au sujet de la recevabilité. La Conférence des Présidents décide de sa recevabilité.

Si une pétition électronique atteint ou dépasse le seuil des 4.500 signatures, un débat public est organisé au sein de la Commission des Pétitions et de la commission compétente pour le sujet en question. La réunion est transmise en direct par la chaîne télévisée de la Chambre.

Les pétitions publiques n'ayant pas atteint le seuil des 4.500 signatures peuvent être, sur demande du pétitionnaire, converties en pétition ordinaire.

7. 7269 - Projet de loi complétant le Code du travail en portant création d'une activité d'assistance à l'inclusion dans l'emploi pour les salariés handicapés et les salariés en reclassement externe

Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7269, eng Erweiterung vum Code du travail duerch d'Schafe vun der Activité d'assistance à l'inclusion. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorablen Här Max Hahn.

Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

► **M. Max Hahn** (DP), *rapporteur*.- Här Président, d'Regierung huet sech am Koalitionsaccord virgeholl, sech fir eng méi inklusiv Gesellschaft anzesetzen, déi déi sozial an déi professionell Inklusioun fërdert. Doduerjer solle Leit mat enger Behënnerung méi eng grouss Autonomie kréien.

Am effentleche Secteur gëtt dëst vum psychosoziale Service ënnert der Kompetenz vum Ministère de la Fonction publique garantéiert. Op d'mannst 5 % vun de Plazen am effentlechen Dëngscht solle vu Leit mat enger Behënnerung besat ginn.

Mä och am Privatsektor soll all Zort vun Diskriminatioun bekämpft ginn, zum Beispill mat Quoten, déi elo scho fir d'Betriber mat iwwer 25 Salariéë gëllen a jee no Gréisst vum Betrib variéieren. Esou e Prozentsaz steet och an der Europäescher Strategie 2010-2020 zugonschte vu Leit mat enger Behënnerung, an där d'Beschäftigung als eng vun den aacht Prioritéiten definéiert gëtt.

Do derbäi kommen d'Atelier-protégéen, déi awer net zum normalen Aarbechtsmarché gehéieren. D'Strukturen an de Fonctionnement sinn hei un d'Besoin vu Leit mam Statut vum Salarié handicapé ugepasst. Zu Lëtzebuerg gëtt et 27 esou Strukturen, déi ronn 1.400 Leit beschäftegen.

Déi nei Activité d'assistance à l'inclusion dans l'emploi, déi mat dësem Gesetz agefouert gëtt, ass e weidere wichtege Schratt a Richtung vun dëser inklusiver Gesellschaft. Souwuel Persounen mam Statut vun engem Salarié handicapé wéi Leit, déi ënnert de Reclassement externe falen, kënne vun de Mesurë profitéieren.

Dëse Projet de loi ennersträicht de Wille vun der Regierung, fir hir Obligatiounen an Engagementer ëmzesetzen, zu deene si sech an der Convention relative aux droits des personnes handicapées engagéiert huet.

Dat betrëfft zemoools den Artikel 27 vun der Konventioun iwwert d'Aarbecht an d'Beschäftigung.

tegung. Do verflachte sech d'Staten, fir Beschäftigungsméiglechkeete fir Persounen mat enger Behënnerung ze schafen. Déi Leit sollen zousätzlech betreit ginn, fir a) eng Schaff ze fannen oder fir b) hir Plaz ze behalen.

Genau hei setzt dëst Gesetz un. Jo, d'Gesetz wäert derzou bäidroen, dass d'Salariéë mat enger Behënnerung an déi Beschäftegt am Reclassement externe méiglechst d'nämlechst behandelt gi wéi soss Salariéen. D'Integratioun vun de Concernéierten an den éischten Aarbechtsmarché soll esou méi einfach ginn.

D'Patronen iwwerdeems ginn derzou animéiert, fir éischstens méi Leit mat enger Behënnerung anzestellen an zweetens d'Weiderbeschäftigung ze garantéieren. Heifir sollen Experten adequat Mëttel, Formatiounen a Mesuren entwéckelen, fir d'Situatioun ze verbessern.

Schlussendlech wäert dëst Gesetz och derfir suergen, dass Salariéë mat enger Behënnerung an déi Beschäftegt am Reclassement externe kënne vun engem professionellen Encadrement profitéieren, deen un hir spezifesch Bedürfnisser ugepasst ass. Fir dëser Ufuerderung gerecht ze ginn, mussen d'Betriber (veuillez lire : d'Betreier) net nëmmen d'Aarbechtssituatiounen evaluéieren an d'Betriber bei der Virbereedung a Sensibilisatioun ennerstëtzen, neen, si mussen virun allem en individuellen Inklusiounsprojet mat engem detailléierten Aarbechtsprogramm fir all Salarié mat enger Behënnerung opstellen.

Här Président, ech wëll ennersträichen, dass déi nei Mesuren net aner Missiounen an Initiativen ersetze sollen. Am Géigendeel: Déi Mesurë sollen ergänzt a verstärkt ginn.

Wien ass also elo vum Gesetz betraff? Ma all Salarié mat enger Behënnerung oder Beschäftegten am Reclassement externe, deen um normalen Aarbechtsmarché am Privatsektor schafft oder dee vun enger ADEM-Mesure profitéiert. Dat erhéicht d'Zuel vun de potenzielle Beneficiairë substanzuell a kann dofir net vun den Atelier-protégéen eleng gedroe ginn.

Obwuel et scho vill Ureizer an Initiativen an dësem Beräich gëtt, muss ee leider feststellen, dass munch Entreprises ëmmer nach zécken, fir eng Persoun mat enger Behënnerung oder mat signifikative gesondheetleche Problemer anzestellen. Dacks ass et d'Angscht, fir deene Leit net kënnen dat passend Ëmfeld ze bidden.

A genee dobäi wäert d'Activité d'assistance hëllefen. D'Demande geet un d'Direktioun vun der ADEM. Den Accord gëtt dann d'Recht op d'Ennerstëtzung duerch de Fonds pour l'emploi, fir d'Aarbecht vun de begleedende Persounen ze bezuelen, an zwar esou, wéi et am individuellen Inklusiounsprojet virgesinn ass.

Am Hibleck op déi grouss Verantwortung vun deenen zukünftigen Assistenten a well d'Finanzierung vum Fonds pour l'emploi assuréiert gëtt, wäert en Agreement souwuel fir den



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzeburger Journal, Zeitung vum Lëtzeburger Vollek

Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

agréierten Assistent wéi och fir de Service d'assistance geschafe ginn.

D'Geneemegung fir déi Activité d'assistance ënnerläit gewëssene Konditiounen, déi erfüllt musse sinn:

1. eng adequat professionell Qualifikatioun mat engem lëtzebuergeschen oder unerkannten auslänneschen Diplom;

2. eng regelméisseg Weiterbildung vun op d'mannst 20 Stonnen d'Joer an enger validéierter Aariichtung;

3. d'Leit musse sech op d'mannst an enger vun den dräi Sproochen ausdrécke kënnen, déi am Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwert de Régime des langues virgesi sinn, a

4. musse si hir Honorabilitéit duerch e Bulletin vum Casier Nummer 3 beleeen.

Här President, op dëser Plaz wëll ech op déi verschidde Remarken aus den Avisen zum Gesetzesprojekt agoen, dorënner dee vum Statsrot, deem senger Opposition formelle Rechnung gedroe gouf. Den Term vum « contrat de service » ass duerch den « accord de collaboration » ersat ginn, fir de moraleschen Engagement vun der Activité d'assistance ze betounen. Och d'Remarken iwwert d'Conditions d'honorabilitéit goufen ugeholl an de Casier juridique (veuillez lire : de Casier judiciaire) gouf integréiert.

D'Fédération des acteurs du secteur social au Luxembourg huet da proposéiert, fir d'Activité d'assistance och fir Leit mat anere Formatiounen opzemaachen an net nëmme fir Interessente mat engem Bachelor oder engem Diplôme d'aptitude professionnelle. Och dat ass berücksichtegt ginn.

De Conseil supérieur des personnes handicapées huet virgeschloen, eng Mindestdauer vum Aarbechtskontrakt oder vun de Beschäftigungsmesurë festzeleeën, vun där och d'Zäit vun der Betreuung ofhänke géif. Och dësem Virschlag si mir mat engem Amendement nokomm. Esou gi bei engem Aarbechtskontrakt vun 12 bis 18 Méint 150 Betreuungsstonne berechent; bei mindestens 24 Méint sinn dat schonn 300 Stonnen.

A verschiddenen Avise gouf och proposéiert, fir e Bilan vun all den Aiden a Mesuren ze zéien, déi an dësem Beräich applizéiert ginn. Dozou gehéiert och dëse Gesetzesprojekt. An dofir soll gekuckt ginn, wéi d'Ëmsetzung an der Praxis ausgesäit an ob zum Beispill d'Betreiung kéint op d'Secteur parapublic a social ausgebaut ginn.

Här President, fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Als Schlussfolgerung kann ech soen, dass dëse Gesetzesprojekt e weidere Schrëtt an déi richteg Richtung ass fir eng besser Inklusioun vun eise behënnerter Matbierger. An dofir ginn ech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Une voix.**- Très bien !

► **Une autre voix.**- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. Deen éischten ageschriwwene Riedner, deem heibannen ass, ass d'Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Tess Burton (LSAP).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am

Mee 2019 waren op der ADEM 1.340 Salariés handicapés ageschriwwen, 1.647 Salariés à capacité de travail réduite - dat heescht Salariés am Reclassement externe - an 363 mat béide Statuten. Zesumme sinn dat 3.350 Persounen, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn. Dës 3.350 Persounen hunn en Handicap, eng Beanträchtegung oder kënnen einfach nëmmen hir lescht Aarbecht net méi maachen a begéinen dacks Schwierigkeeten, fir eng Aarbecht ze fannen, déi hire Capacitéiten an hirem Gesondheitszustand entsprécht.

Fir e Salarié handicapé an e Salarié am Reclassement externe an den Aarbechtsmarché ze integréieren, brauch et heiansdo net vill. Eng gutt Berodung, eng Begleedung fir d'Persoun selwer, fir de potenzielle Patron an d'Aarbechtskolleegen, verschidden Adaptatiounen an e bësse gudder Wëlle kënnen oft schonn hëllefen, dass dat klappt.

Et ass dat, wat mir hei mat dësem Gesetz virgesinn: eng Assistance à l'inclusion dans l'emploi. Op d'Detailer wëll ech hei net méi weider agoen. Dat huet de Rapporteur ausféierlech gemaach. An ech wëll dem Max Hahn dofir och Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dass dës Assistance à l'inclusion dans l'emploi eng wichteg an eng gutt Saach ass, dovunner si mir als LSAP, där Solidaritéit, Integratioun an Inklusioun besonnesch um Häerz leien, iwwerzeegt.

Här President, potenziell gëtt et also de Moment 3.350 Persounen hei zu Lëtzebuerg, déi esou eng Assistance à l'inclusion dans l'emploi bräichten a kéinten an Usproch huelen. Fir dës Leit ass et d'Hoffnung, dass dës Gesetz den Ennerscheid wäert maachen. Si hoffen, dass si mat Hëllef vun dësem Gesetz erëm enger Aarbecht kënnen nogoen.

Ob dat esou ass, ob déi betraffe Persoun vum der Méiglechkeet vun enger Assistance wäerte Gebrauch maachen, ob se déi entsprechend Informatiounen kréien an et och genuch Assistent resp. Service-d'assistance gëtt, dat muss een elo ofwaarden an am A behalen, an eventuell kucken, wat fir weider Schrëtt néideg sinn, fir dass dës Gesetz dann och gräift.

Déi Fro vum Bilan vun dëser Mesure rëfft dann natierlech och d'Fro nom Bilan vun de besteende Mesuren, Programmer an Hëllefen an dësem Beräich op de Plang. Déi Fro gouf jo och vum Statsrot an an aneren Avisen opgeworf. Dofir wëilt ech hei gäre vun der Ministesche wëssen, wou mer do dru sinn, ob esou e Bilan vun deene besteende Mesuren amgaangen ass, gemaach ze ginn.

Här President, wat d'Beschäftegung vu Salariés handicapés ugeet, hu mer jo e Gesetz vum 12. September 2003, dat Quote virgesäit. Den Här Hahn hat et schonn ugeschwat. Deemno sollen am Secteur public d'Travailleur handicapés 5 % vun der Belegschaft ausmaachen. Am Privé ass et fir Betriber ab 25 Salariéen een Travailleur handicapé. Bei Betriber iwwer 50 Salariéen sollen 2 % vun der Belegschaft Travailleur handicapés sinn. A bei Betriber iwwer 300 Salariéen solle 4 % vun der Belegschaft Travailleur handicapés sinn.

Fir et direkt a kloer ze soen: Dës Quote gi gréisstendeels net respektéiert, mä mir si lues a lues um Wee vun der Besserung. Wéi een och nach kierzlech konnt liesen, hu mëttlerweil 40 % vun de potenzielle Salariés handicapés eng Aarbecht; am Joer 2015 waren et just 35 %.

D'Assistance à l'inclusion dans l'emploi ass an deem Kontext natierlech eng Méiglechkeet, fir

d'Situatioun ze verbesseren, woubäi et och schonn eng Partie aner Projekte gëtt a gouf, déi an deem Beräich eng gutt Aarbecht maachen, zum Beispill de Centre d'évaluation et d'orientation socio-professionnelle. Et handelt sech hei ëm eng Kollaboratioun zwëschen Aarbechtsministère, ADEM, Familljeministère, Santéministère, dem Rehazenter, dem Centre hospitalier, der UEL - der Union des entreprises - an dem Institut national pour le développement durable et la responsabilité sociale des entreprises.

Am Secteur public gëtt et och e Service, de Service psychosocial, deen d'Ulafstell ass fir d'Salariés handicapés am Secteur public. Dee Service ass nach relativ jonk. E gouf 2016 an d'Liewe geruff an huet de Moment dräi Leit do schaffen. Hiren Aufgabeberäich ass relativ breet. Virun allem mat Opklärungsarbecht a Präventioun, mä och Begleedung vun eenzelne Persounen ass dee Service op ville Plazen engagéiert.

De Projet de loi, dee mer hei stëmmen, bezitt sech just op de Secteur privé. Dofir misst ee kucken, wéi een dee Service am Secteur public nach kéint ausbauen, dass och do garantéiert ass, dass och déi betraffe Leit am Secteur public déi néideg Ënnerstützung kréien, déi elo mat dësem Gesetz hei méiglech ass. Dofir hei meng Fro un d'Ministesche, och wann dat net eleng hire Kompetenzberäich ass, ob si eis informéiere kann, awéiwäit d'Aarbechten do scho fortgeschritt sinn.

Da wollt ech zum Schluss nach just kuerz de Reclassement interne uschwätzen. Miest een net och hei esou eng Assistance, wéi mer se mat dësem Gesetz elo aféieren, virgesinn, fir och d'Chancë vun de betraffene Leit, fir op hirer Aarbecht ze bleiwen, wann een op eemol esou ee Statut kritt, ze verbesseren a fir besser an deem Fall begleet ze ginn?

Doriwwer eraus muss ee sech och froen, wat geschitt oder ob et eng Usprichstell gëtt, wa sech fir de Salarié handicapé, d'Persoun am Reklassement oder fir de Patron méi spéit, also um Enn vun der Assistance, Froen oder Problemer stellen. Eventuell géif dat och hëllefen, d'Patronen ze iwwerzeegen, esou eng Persoun anzustellen, wann ee weess, dass ee spéider net op sech eleng gestallt ass.

Voilà! Domadder wëll ech och den Accord vu menger Fraktioun ginn. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Burton. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci dem Här Max Hahn fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Mënsche mat Beanträchtegung sollen zesumme mat net beanträchtegte Mënsche liewen, schaffen an um gesellschaftleche Liewen deelhuele kënnen. Si sollen en Deel vun eiser Gesellschaft sinn an net just dernieft liewen. Oft begéine si awer nach ëmmer Barrieren, besonnesch wann et sech ëm verstopte Beanträchtegungen wéi stomm sinn, dat sinn oder Autismus handelt. Dës falen oft engem Aussestoenden net op.

Eng inklusiv Gesellschaft ass dowéinst e wichtegt Zil vun dëser Regierung. Dës zitt sech iwwer ganz verschidde Liewensberäicher: de Sport, d'Schoul, den Accès an d'Infrastrukturen, mä natierlech och d'Aarbecht. Oft gëtt et Barrieren, déi mir emol selwer net ëmmer wouerhuelen, déi verhënneren, dass Mënsche mat Beanträchtegung gläichberechtegt um Liewen deelhuele kënnen. A leider ass et och esou, dass si oft, trotz gläicher Qualifikatioun, vun Employeuren manner agestallt gi wéi Mënschen ouni.

Net selten ass et virkomm, dass Employéen, déi Ënnerstützung - wéi Assistenz, Begleedung oder eng pädagogesch Betreuung - gebraucht hunn, op speziell Aariichtungen oder den zweeten Aarbechtsmarché verwise gi sinn. Laut der Fondatioun IDEA gëtt et 9.200 Mënschen, déi de Statut vum Salarié handicapé besëtzen an am aarbechtsfähigen Alter sinn.

Wann een d'Zuel vu ronn 1.700 Demandeurs d'emploi an deenen, déi net aarbechtsfähig sinn, ofzitt, nenne si ronn 3.400 Salariéen mat engem Handicap. 60 % vun de Salariés handicapés sinn an Ateliers protégés a beim Stat agestallt, an nëmme 40 % am Privatsektor. Heibäi baséiere si sech op d'Zuele vun 2016.

Besonnesch grouss Entreprisë mat iwwer 50 Mataarbechter hunn e Quota ze erfëllen, fir Mataarbechter mat enger Behënnerung anzustellen. Haut si just 26 % vun der gesetzlecher Obligatioun erfëllt. Wann dës erfëllt wär, géif d'Zuel vu méiglechen Employéen op iwwer 5.000 klammen.

Dësé Projet de loi soll notament op dësem Punkt ënnerstëtzen a bezitt sech dobäi och ganz kloer op den Artikel 27 vun der UN-Behënnerterrechtskonventioun vun 2006, déi Lëtzebuerg am Joer 2011 ratifizéiert huet.

Wéi meng Virriedner schonn am Detail erkläert hunn, verstee sech dës Gesetz op eng wichteg Mesure, fir d'Integratioun an d'Ënnerstützung um Aarbechtsmarché ze fërderen. Et soll och Patronen incitéieren, fir hirer Verantwortung an dësem Geescht besser gerecht ze ginn.

Virun allem awer erlaabt d'Inklusiounsassistenz op der Aarbecht awer och der betraffener Persoun, net eleng ze sinn, Ënnerstützung ze kréien, eng Begleedung op hirer Säit ze spieren an, am Fall vun enger neier Behënnerung, och ze léieren, domat ze liewen an ze schaffen. Et ass also net just d'Integratioun op eng nei Plaz, mä och d'Méiglechkeet, op senger aler Plaz kënnen ze bleiwen, sech nei unzepassen, sech Raim a Méiglechkeeten ze schafen, fir senger Aarbecht nozegoen a sengem Rhythmus, mat senger Mëttelen a sengem Kënnen.

E weidere wichteg Moment ass, dass mat dëser Assistenz keng Decisioun iwwert dem Mataarbechter säi Kapp ewech ka geholl ginn, mä dass all Decisioun zesumme geholl gëtt. D'Beitounung läit um Wuert „Assistenz“. Déi betraffe Persoun muss kënnen fir sech entscheeden, wat fir si am Beruff am beschten ass, soss kënnen mer net wierklech vun Inklusioun schwätzen.

Dësé Gesetz bezitt sech virun allem op de Privatsektor, wou sécher am meeschten Nohuelbedarf ass a positiv Incentivë musse gemaach ginn. Trotzdem bleift de Besoin och ausserhalb vum Privaten. Och am Secteur public an am Parastat ass eng Assistenz fir d'Inklusioun op der Aarbecht net vu Muttwëll an oft genau sou néideg. Hei ass ze begrëssen, dass weider Hëllefstellungen an Ënnerstützung fir den ëffentleche Secteur op Basis vun dësem Gesetz ausgebaut solle ginn.

Entre-temps gëtt et eng ganz Panoplie u Mesuren, Formatiounen, Aiden an Educatiouns- wéi Integratiounsmoosnamen. Si alleguerten hunn d'Zil, fir eng besser Inklusioun an der Gesellschaft a besonnesch dem Aarbechtsmarché ze garantéieren. Si sinn oft en Deel vum Plan d'action en faveur des personnes handicapées.

Elo, wou en neie Plang ausgeschafft gëtt, wier et natierlech och e gudder Moment, fir och op déi erëmkommend Fuerderung vun der Chambre des Salariés an dem Conseil supérieur des personnes handicapées anzegoen. Si fuerderen näamlech, en allgemenge Bilan vun de verschidde Moosnamen ze maachen. Esou e Bilan oder virun allem eng Iwwersicht kann och hëllefen, fir de Patronen ze verdäitlechen, wat hir Flichten a Mëttele sinn. IMS oder Info-Handicap, fir der just zwee ze nennen, ginn hei scho wichteg Hëllefstellungen, fir aktiv ze ginn.

Wa mir vu Corporate Social Responsibility schwätzen, da mussen eis Entrepreneuren och bei sech selwer an hire Mataarbechter ufänken. Dësé Gesetz ënnerstëtzt dat a bitt de Concerneierten eng wichteg Stäip un, fir am Berufsleewen integréiert ze sinn, ze bleiwen oder erëm ze ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir Gréng huelen d'Mënscherecht op Inklusioun eescht a sinn dervun iwwerzeegt, dass mer d'Mëttelen, fir dës ze errechen, weider ausbaue mussen. Ënner enger inklusiver Gesellschaft versti mer eng Gesellschaft, déi keen ausgrenzt, eng Gesellschaft, an där d'Strukturen esou sinn, dass se fir Mënsche mat Beanträchtegung keng Hürden duerstellen, a wou jiddwereen déiselwecht Rechter a Chancen huet.

Mat dësem Gesetz komme mer dëser Virstellung e Schrëtt méi no. Et bleift nach esou manches ze maachen a mir kucke mat vill Engagement an d'Zukunft, wëssend, wat mer am Koalitiounsprogramm festgehalten hunn a wat nach alles usteet.

Ech ginn heimadder den Accord vun eiser grénger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Bernard. Vun all deenen aneren ageschriwwene Riedner ass kee méi am Sall, duerfir géif ech der Regierung d'Wuert ginn. D'Familljeministesche, d'Madamm Corinne Cahen.

Prises de position du Gouvernement

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, emol fir d'Éischt dem Rapporteur villmools Merci ze soen



fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, awer och de Riedner haut de Mëtten an der Chamber. De Gesetzesprojet hei ass en extrem wichtege Gesetzesprojet fir d'Inklusioun an der Aarbechtswelt.

Mir gesinn a mir wëssen, esou wéi d'Deputéiert Djuna Bernard dat grad gesot huet, dass d'Quoten net ëmmer kënnen erfëllt ginn. A mir hoffen natierlech, mat dësem Gesetz de Quote méi no ze kommen, déi mer wëllen erfëllen. Mä mir mierken awer am Alldag, dass de Problem deem ass - net dass eng behënnt Persoun oder eng reklässiert Persoun op den éischten Aarbechtsmaart kënn; dat ass net de Problem -, dass déi behënnt oder reklässiert Persoun um éischten Aarbechtsmaart bleift!

Dacks ass ganz gudd Wellen do an de Betriber, och bei der Persoun selwer. Jiddereen ass tout feu tout flammes, fir dat ze maachen. Mä da mierke mer, wa keen Accompagnement do ass an d'Leit ginn net eens mat der Behënnerung vun der Persoun, respektiv déi behënnt Persoun huet net déi adaptéiert Aarbechtskonditiounen dee Moment, da scheitert dat leider dacks.

An dofir gi mer op de Wee haut vun deem Assistent à l'inclusion dans l'emploi, dee justement déi Behënnt an déi reklässiert Leit soll dobäi ënnerstëtzen. An net nëmme si. Mä och de Betrib, d'Aarbechtskolleegen oder de Patron soen: Wie kënn do? Wat sinn do d'Problemer? Wann eng Persoun eng Behënnerung huet, zum Beispill eng autistesche Persoun, huet déi vläicht aner Aart a Weisen ze reagieren; déi versteet d'Gefiller net, déi gesäit net onbedéngt, ob een traureg oder froe oder rosen ass. An do muss een och als Netbehënnter léieren, domadder ze liewen. Do muss ee léieren, domadder ëmzegoen. A wann een dat léiert an iwwert d'Zäit och duerchsteet, da ka jiddereen wierklech honnertprozenteg dovunner profitieren.

Mir wëssen, dass Leit, déi am Reclassement sinn oder déi eng Behënnerung hunn, dacks ganz motivéiert a kompetent Mataarbechter an de Betriber sinn. Mä dofir brauche mer déi Assistenz, justement, dass ebe méi behënnt Leit de Wee op den éischten Aarbechtsmaart net nëmme fannen, mä dass se och dann dee Moment do bleiwen.

Et geet och drëm, dem Patron d'Angscht ewechzehuelen. De Projet de loi gesäit dofir vir, dass de Patron eben zesumme mam Salarié handicapé oder mam Salarié reclassé kann eng Assistenz beim Direkter vun der ADEM ufroen. Si froen déi dann dee Moment zesummen un. D'Dauer vun der Assistenz hängk e bësse vun der Dauer vum Kontrakt of. Maximal sinn dat 300 Stonnen. An et kann een eng nei Assistenz ufroe fir eng nei Aarbechtsplaz, zum Beispill wann een eng nei Aarbechtsplaz kritt oder den Accord de collaboration resiliéiert gouf.

D'Usprichpartner sinn hei ugeschwat ginn: De Familjeministère, dee gëtt natierlech den Agreement fir deen Assistent. Ech kommen och nach eng Kéier op deen Assistent zrëck. Aner Usprichpartner sinn natierlech Info-Handicap, a fir dee ganze Rescht d'ADEM. An ech mengen an hoffen, dass den Aarbechtsminister och nach e Wuert dozou ka soen.

Den Assistent muss Berufserfahrung am Beräich vum Handicap hunn. Et sinn net nëmme Leit, déi en Diplom am soziomedezinnesche Beräich hunn, déi do en Agreement als Assistent kënnen froen, mä och Leit, déi en DAP hunn, Leit, déi e Premièresdiplom hunn, mä déi awer e Minimum vu fënnf Joer Berufserfahrung am Beräich vum Handicap hunn, déi dann och nach eng Zousazformatioun mussen oder kënnen maachen. Jee nodeem wéi en Diplom se am soziomedezinnesche Beräich oder psychotherapeutesche Beräich hunn, muss se dann dee Moment déi Zousazformatioun maachen.

D'Assistance ass ganz op d'Besoin vum Salarié a vum Patron zougeschnidden. Den Assistent ënnerstëtzt, wéi gesot, souwuel déi behënnt Persoun wéi de Patron an och de Rescht vum Personal. An d'Zil ass et, dass d'Persoun ganz an der Firma kann integréiert ginn an dass se och hiert Potenzial dee Moment ka voll ausschöpfen.

Zu deem Zweck redigéiert den Assistent e Projet individualisé d'inclusion, dee vum Salarié a vum Patron guttgeheescht muss ginn. D'Käschte fir dës Mesur gi vum Fonds pour l'emploi dee Moment gedroen.

Déi nei Assistance à l'inclusion dans l'emploi mécht iwwregens keen Ennerscheid méi tëschent de verschiddenen Handicappen oder gesondheetleche Problemer, wann et ëm d'Ufro vum der Mesure geet. Den Ennerscheid

gëtt awer gemaach, wann et ëm déi tatsächlech Assistenz geet. De Patron an de Salarié kënnen sech op enger Lëscht deen Assistent eraussichen oder ee Service d'assistance eraussichen, deem seng Spezialisatioun am beschte mam Handicap vum Salarié iwwereneestëmmt. D'Spezialisatioun sinn dann och ganz kloer op där Lëscht dee Moment ausgewisen.

De Patron an de Salarié froen d'Mesure, wéi gesot, zesummen un. Si stellen duerno, zesumme mam Assistant à l'inclusion dans l'emploi, e Projet individualisé op d'Been. Dee Projet gëtt vum Assistent ausgeschafft an duerno vum Patron a vum Salarié guttgeheescht. Et gëtt also an dësem Fall näischt iwwert de Kapp vum Salarié ewech decidéiert. De Salarié ass déi ganzen Zäit am Prozess derbäi. En ass och Demandeur, mam Patron zesummen, fir eben ze garantéieren, dass e laangfristeg op der Aarbechtsplaz ka bleiwen.

Offhängeg vum Handicap kënnen ganz verschidde Mesuren ënnert déi Assistenz falen, wéi zum Beispill Formatioun vum Salarié oder vum Rescht vum Personal, Adaptatiounen vun der Aarbechtsplaz, mam Salarié Verhalensweisen astudéieren, och dat gehéiert do derzou. An dann ass ugeschwat ginn: D'Employés de l'État - dat war och schonn an der Chamberskommissioun ugeschwat ginn -, déi falen ënnert d'Kompetenz vum Service psychosocial vun der Fonction publique. Do lafe scho Projeten an dësem Sënn. Och si kënnen schonn elo op extern Experten zrëckgräifen. Mä och si schaffe weider drun, fir souwuel bei de Gemenge wéi beim Stat, ob dat elo bei de Fonctionnaires oder bei den Employés de l'État ass, déi Leit besser kënnen ze begleeten, fir dass se glëcklech ginn an der Entreprise respektiv an hirer Administratioun, an d'Entreprise respektiv d'Administratioun och mat hinnen.

Well dat ass eist Zil, wa mer vun Diversitéit schwätzen, wa mer vun Inklusioun schwätzen. A wa mer dovunner schwätzen, dass mer gären hätten, dass jiddereen zu dëser Welt an och zu der Aarbechtswelt gehéiert, da muss mer ons och d'Moyene ginn, fir déi Leit esou kënnen ze begleeten, dass se laangfristeg um Aarbechtsmaart kënnen bleiwen an dass jiddereen och zu senger Zefriddenheet kënn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Familjeministesch. An da ginn ech d'Wuert dem Aarbechtsminister, dem Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Dan Kersch, Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire.** - Merci, Här President. Ech erlabe mer, et hei vun der Regierungsbänk aus ze maachen, well ech mengen, dat Wichtigst ass gesot ginn. Och mäi Merci geet un de Rapporteur an un alleguerten déi Leit, déi un dësem Projet aktiv mat deelgeholl hunn.

Et ass effektiv ee Projet, deen zougeschnidden ass op eisen Aarbechtsmarché. An d'Drénglechkeet, fir en ze realiséieren, erweist sech, mengen ech, ganz einfach aus den Zifferen, déi mer och op der ADEM hu vun Inscriptiounen vu Leit, déi den Travailleur-handicapés-Statut hunn. Dat sinn der net manner wéi 2.523 un der Zuel. Dovunner sinn der 1.703 direkt disponibel fir den Aarbechtsmarché. Eleng dat weist d'Drénglechkeet.

A wa mer dann och nach déi Leit huelen, déi an engem Reclassement externe sinn, da si mer bei 5.537 Leit. Dovu sinn der 3.806 direkt disponibel fir den Aarbechtsmarché. Dat weist, wéi grouss d'Drénglechkeet ass, dass mer genau an dësem Beräich aktiv sinn, fir deene Leit den Accès op den éischten Aarbechtsmarché erëm méi einfach ze maachen respektiv och de Patronen ënnert d'Äerm ze gräifen, wa se bereet sinn, esou Leit anzustellen.

An deem Sënn rechtfertegt sech och, mengen ech, de Financement iwwert de Fonds pour l'emploi. An et ass schued, dass déi Leit, déi doriwwer spekuléieren, fir d'Solidaritätssteuer erofzesetzen, woumadder d'Moyene vum Fonds de l'emploi géife beschränkt ginn, dass déi haut net hei sinn, soss kéinte se sech déi Zuelen och emol eng Kéier eranzéien.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Aarbechtsminister. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss. Opgrond vum Artikel 33 (2) gëtt de Vott vum Projet de loi 7269 op déi nächst Sitzung reportéiert.

8. 7398 - Projet de loi portant modification de la loi du 26 décembre 2012 sur les services postaux

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7398, eng Ofännerung vum Post-

gesetz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeleucht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, de Gesetzesprojet 7398 betrëfft zwar indirekt, mä trotzdem all Mënsch hei am Land, dee Courier mat der Post kritt oder es fortschéckt, an dat bei Bréiwer bis zwee Kilo a bei Colise bis zu zéng Kilo.

Et geet ëm de Service postal universel, also dee Service, deen d'Envoien zu Lëtzebuerg sammelt, triéiert, transportéiert a verdeelt respektiv an d'Ausland weiterleet. Concernéiert sinn och ageschriwwen Bréiwer, den Envoi à valeur déclarée oder d'Ophiewe vum Courier an den öffentliche Bréifkëschten - fir nëmmen déi gängegst Servicer opzezielen.

Haut geet et drëm, fir zwee Artikelen vum Gesetz vum 2012 ëmzënnere, an zwar éischters d'Prozedur, fir de Prestataire vun engem Service public ze bestëmmen - Artikel 20 Paragraph 5 -, an zweetens, fir d'Sanktiounen unzepassen, wat déi grenziwwerschreidend Liwwerung vu Colise betrëfft, an dat ass den Artikel 43 Paragraph 1.

De Statut vum Prestataire fir de Service postal universel fir Lëtzebuerg ass am Artikel 45 Paragraph 2 vum Gesetz vum 2012 fir siwe Joer festgeluecht ginn a leeft dëst Joer am November aus. Et misst also eng nei Ausschreibung gemaach ginn.

Mat deem neien Text soll d'Prozedur an deem Sënn vereinfacht ginn, dass den ILR, den Institut luxembourgeois de régulation, virun der Ausschreibung fir d'Éischt eng öffentliche Consultatioun lancéiert, fir iwwerhaapt den Interêt bei de professionelle Prestataire fir de Service postal universel ze gesinn. Mir féieren also eng Prozedur an zwou Etappen an.

Konkret heescht dat, dass just en Appel d'offres gemaach gëtt, wann iwwerhaapt kee Prestataire sech géif an der Consultatioun mellen oder wa méi Entreprisë sech géife fir déi Prestatioun interesséieren. Mir vereinfachen deemno d'Prozedur a passe se der Realitéit um Terrain un.

Et ass nämlech esou, dass de Service postal, a besonnesch de Service, deen enger Autorisatioun ënnerlää, sech nëmme lues entwéckelt an haaptsächlech vum historesche Prestataire, dat heescht vun der Post, assuréiert gëtt.

D'Realitéit um Terrain ass déi, dass d'Gréisst an déi limitéiert Rentabilitéit vum Lëtzebuerger Marché fir nëmme wéineg Interesse bei neie Prestataire an deem Domän suert. Ënnert deene Konditiounen - an ouni finanziell Kompensatioun - ass et wéineg probabel, dass sech nei Kandidate melle wäerten.

D'Komplexitéit an d'Käschte vun engem Appel d'offres fir de Regulateur sinn also eng Haaptursach fir dës Gesetzesupassung. Eng Ausschreibung bedeit e groussen Aarbechtsopwand, a sollt just ee Kandidat sech mellen, missten de Regulateur an deen eenzege Prestataire d'Fraisen iwwerhuelen, déi dann natierlech op de Konsument iwwerdroe ginn.

Aner Länner, wéi zum Beispill Däitschland, sinn op deen nämleche Wee gaange wéi mir, an dat ass och vun der EU-Kommissioun esou acceptéiert ginn.

D'Consultatioun gëtt zwar, am Géigendeel zu engem Appel d'offres, net am Journal officiel vun der EU publizéiert. Si gëtt awer um Site vum ILR public gemaach. D'Experten hunn eis

och bestäetgt, dass déi betreffen Entreprisë genee iwwert de Marché zu Lëtzebuerg um Lafende sinn a wëssen, wéini a wat d'Echeancé sinn. Also ass d'Publicitéit assuréiert.

Sollt sech elo een eenzege Prestataire mellen, da muss den ILR kontrolléieren, ob deen Interessent apte ass, dat heescht de Kritäre vum Gesetz entsprécht, fir déi gefuerdert Servicer ze garantéieren. Wa jo, da kritt déi Entreprise den Zouschlag fir déi nächst siwe Joer.

Sollt dat net de Fall sinn, da muss den ILR eng Ausschreibung maachen an d'Attributioun vum Marché muss an deem Fall spéitstens sechs Méint no der Clôture vum Appel d'offres geschéien. Den aktuelle Prestataire muss de Service weider garantéieren, bis deen neie Prestataire prett ass. Dat muss awer bis spéitstens 18 Méint no der Clôture vun der Ausschreibung geschitt sinn.

Här President, den zweeten Deel vun der Gesetzesännerung, den Artikel 43 Paragraph 1, ass eng Upassung un d'europäescht Recht a betrëfft d'Sanktiounen beim grenziwwerschreidende Colis-Service.

D'EU-Kommissioun huet nämlech festgestallt, dass déi ugewannte Präisser fir grenziwwerschreidend Colis-Servicer a verschiddene Memberlänner bedeitend méi héich si wéi um nationalen Niveau. Fir déi Praktiken, déi zum Nodeel vun de Konsumente sinn, an de Grëff ze kréien, sollen d'Präisser méi transparent ginn. De Regulateur, an eise Fall den ILR, kritt mat dëser Ëmsetzung vum europäesche Recht d'Méiglechkeet, fir den Operateur ze sanktionéieren, wann e sech net un déi Virgaben hält. Dat ass nei, well de Regulateur konnt dat bis elo nach net maachen.

Déi Sanktiounen gi vun enger Verwarnung iwwer e Blâme oder eng Amende tëschent 1.000 a 500.000 Euro bis zu engem zäitweilige Verbuet vu verschiddene Postservicer, dee bis zu engem Joer ka goen.

Et geet also drëm, dass d'Prestataire an deem Beräich net mat de Präisser iwwerdreien. Mir suergen heimadder fir méi Transparenz a bidden dem Regulateur d'Méiglechkeet, fir, deemno wéi, ze sanktionéieren.

Här President, zum Schluss wéilt ech de Kommissionsmemberen, de Mataarbechter an der Chamber an an der Fraktioun fir hir Mathëllef Merci soen a wéilt och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Arendt. Éischten ageschriwwene Riedner, deen heibannen ass, ass den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Virop e Merci un de Guy Arendt fir säi gudden Rapport, dee ganz komplett war. Dat erlaabt mir, fir mech kuerzzehalen.

Als LSAP schwätze mir eis fir flächendeckend, modern Infrastrukturen a breetgefächert Déngschtleschtungen aus. Zu den essentiellen Déngschtleschtungen, déi zu enger héijer Liewensqualitéit vun de Bierger bäidroen, gehéieren an eisen Ae selbstverständlech och d'Post oder, fir et méi genau ze soen, de Service universel vun der Bréifpost. Och wann d'Bréifpost am Verglach zur Zoustellung vun de Päck quantitativ, an domadder och ëmsatztechnesch, ëmmer méi ofhëlt, esou mussen dach béid Zoustellungsformen, Päck a Bréiwer, och an der haiteger digitaler Zäit am ganze Land garantéiert sinn.

Le saviez-VOUS ?

POUVOIR LÉGISLATIF

Le pouvoir législatif est l'autorité qui édicte les lois. L'exercice du pouvoir législatif appartient à la Chambre des Députés.

QUORUM

Le quorum est le nombre minimum de membres qui doivent être présents pour que la Chambre des Députés puisse voter valablement. Partant la Chambre ne peut prendre de décision que pour autant que la majorité de ses membres se trouve réunie.